ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Februar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Regierung hat, viru kuerzem, ugekënnegt datt am Kader vun der Impfstrategie och Mënsche mat engem Handicap prioritär géint de Coronavirus geimpft ginn. E bësse méi spéit huet d'Regierung dunn awer präziséiert datt d'Prioritéit nëmme fir déi handicapéiert Leit gëllt déi an enger Institutioun liewen. Dat heescht datt déi Leit mat Behënnerung déi doheem mat hire Famillje liewen, deemno keng Prioritéit hunn a weider ofwaarde mussen, wéi aner Bierger och.

Besonnesch fir Familljen déi sech doheem em eng Persoun mat enger geeschteger Behënnerung këmmere stellt dat viru gréisser Erausfuerderungen. Dat besonnesch wann déi Betraffen, duerch hiren Handicap, néideg Geste wéi d'Distanzéierung oder reegelméissegt Hännwäsche selwer net anhale kënnen. Problematesch kann dat och si wann des Leit, zum Beispill fir Consultatiounen, an d'Klinik oder bei den Zänndokter musse goen.

Dofir wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister folgend Froe stellen:

1. Firwat gëllt d'Prioritéit fir d'Corona-Impfung nëmmen exklusiv fir déi Leit mat Behënnerung déi an engem Heem liewen?
2. Wéi steet d'Regierung zu der, virdru beschriwwener, Problematik vu Mënsche mat Handicap déi bei hirer Famill liewen?

3. Plangt d'Regierung fir hir Impfstrategie nachmol unzepasse fir deene betraffene Familljen entgéint ze kommen? Wa jo, wëll d'Regierung déi betraffe Persounen an hir Familljen op direktem Wee informéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten